

Di ddt. u. schw. Zeit d' Geschicht vum den l. Jug. am 2te Weltkr.

Aföierung vum obligatoreschem RAD

An der läschter Sendung hu mir hé'eren wéi, no der Militärverwaltung de Gauleiter Gustav Simon sêch zu Lëtzebuerg établéiert hat a mat sénger bronger Pescht, duerch Verordnungen, alles wat Lëtzebuergesch war ofgeschâft an duerch Nazi-Doktrinen ersat huet. Fir d'éischt mat gudder Wieder, Propaganda a Plakat-Aktiounen, wat awer fir d'Nazien ké Succès gouw. Dono mat Drock dé vu Mount zu Mount, kann é bal soen ^{an d'Handen vum RAD} emmer méi stark gouw an den 23. Mée 1941 mat der Aföierung vum obligatoreschen Arbechtsdingscht ^{mat} én éischt grousst Verbriechen un dem lëtzebuenger Vollek war.

Wéi de Gauleiter den obligatoreschen Arbechtsdingscht am Mee 1941 agefoert hat, hun d'Lëtzebuenger am Alleméngen dëst nach nêt ze vill tragesch geholl. Et ass ugeholl gin dass "d'Arbecht" wéll dat sollt et jo sin, déne jonke Borschten a jonke Meedercher nêt all ze vill kennt schueden. Déne Wénegsten war et deemols bewosst das den RAD éng Virausbildung fir an d'Wehrmacht war. Et konnt och nac ké ^{hau} gesinn dass wéi d'Situatiounen un de Fronten émmer méi kritesch fir Deutschland gouw, RAD Einheiten fir d'Partisanenbekämpfung age sat gouwen a speziell fir ons Meedercher den RAD nêt nênnen e Lagerliewen a bei "de Bauer schaffe goe" war, mä uschlëssend de Krichshilfsdienst, mat Schaffen an de Munitiousfabriken, ^{an der de} Bombardementer ^{u gesot} waren, an a bombardéiert, Stied opraumen hu misse goen. ^{énger} Wéi gesot, an ^{der} nächster Sendung kënne mir méi an Détailler ^{inert} Liewen am RAD ^u goen.

Ech wéllt awer nach éng Kéer zeréckblécken a weisen wéi d'Lëtzebuenger an och d'Jugend sêch géngt d'Nazifizierung gewiert hun.

Esou gouw schon ¹⁹ ufanks 41, ^{aus} de lëtzebuenger Mênzen, déi jo hätte misse géngt RM émgetauscht gin, de Kapp vun der Groussherzogin oder déi aner Sait de lëtzebuenger Wappen eraus geschnidden, éng Spéngel dru geléed an am Knapplach vum Paltong oder op der Blus gedroen. Dëst als Protest géngt den Ennerdrécker. De Preisen ass dat natirlech nêt gangen an den Dréer vum lëtzebuenger Ofzéchen gouw opgefuerdert et erof zehuelen. A Wann dat dann nêt geschouch ass d'Spéngel erof gerappt gin. Spéziell déi sougenannten Stoestruppen vun der VDB waren héi ganz stark wa se als Grupp vis-à-vis vun éngem énzelen ^{ofgeschicht} Stungen. Oder och hu se ét systematesch gemat :z.B. sêch beim Schmelzer-Portal postéiert a wann dann d'Arbechter oder d'Beamten bei Schichtwiessel eraus kummen ass kontrolléiert gin wien esou éng Spéngel géw droen. A méi wéi éng Kéer kum et dann zou Kleppereien, an esouguer och zu Verhaftungen. Dat selwecht gouw och Sondes no de Masse gemat, an d'Leit gouwen op der Kirchentrap iverfall an d'Spéngelen erof gerappt.

Bei énger anerer Gelegenheet kum et och zu öffentlêche Protester. Den 19.ten Oktober 1941 wollten ^malech d'Preisen d'Denkmal vun der Gölle Fra zerstéieren. Do fir hate ^{die} éng Dampfwalz erbei gefoert a mat Stréck déi ém de Sockel geluecht gouwen sollt dat ganz zu Fall bruecht gin.

Awer Stréck hun nët duergehalen a sin zerrass. Dëst natirlech 2
ënnert dem frenétéschen Jubel vu de ville Leit déi sëch afond hat
Och u Protestausriff a Protestgesank huet ët nët gefélt. Spéziell
d'Jugend war bei dësen Protestaktiounen aktiv an d'Studenten aus
dem Kolléck hate sëch a Gruppen zesumme gestallt a vun do aus nët
mat déne feinsten Ausdréck hir Roserei eraus geloss.

Drei Deeg dono den 21. ten Oktober ¹⁹⁴¹ d'Widderhuelen vun selwëchtem
Sénario. Natirléck waren nach méi Leit do. Aus Erfahrung geléiert
machen d'Preisen d'Stréck des Kéer uewen um Pylon ronderëm d'Fëss
vun der Gölle Fra fest. An ënnert engem fier^{te}teléche Protestschréf
fällt de Pylon mat dem Freiheitssymbol. Och d'Preisen hate sëch
préparéiert an VDB Schléertruppen waren mat Knöppelen do an hun
drageschloen. Vun der preisescher Sicherheitspolizei SD genannt
gouwen éng Réi vu Verhaftungen virgeholl.

Nët nëmmen dass et duerch Veruerdnung verbuede war auslännesch
Radiosender ze lauschteren mä esoubal e Lëtzebuenger verdächtig
konnt ginn, gouw séi Radio beschlagnahmt. A wëll bäl all Lëtze-
buenger verdächtig konnt ginn, ware geschwënn an allen Uertschaf-
ten en extra'e Sall dofir, voll vu Radio'en.

Den 12.ten Februar 1941 adresséiert de Gauleiter sëch spéziell un
d'Jugend an erlabt hir sëch freiwëlleg an den Arbechtsdingscht ze
mëllen. Natirlech fällt keen, bis op ganz wéneg Ausnahmen, op dëst
Gesabbels eran. Déi sëch gemëllt hate ware méischtens jonk Preisen
also Deitscher déi hei zu Lëtzebuerg geliewt hun.

Méi klug gin aus dëser erfolgloser Erfahrung uerdnet de Gauleiter
den 4. Mee 1941 den obligatoréschen Antrëtt an d'Hitler Jugend (HJ)
vun alle Jugendlëcher teschend 17 a 25 Joer. Wien sëch kann der-
lanscht drécken mëscht ët. Awer spéziell op d'Studenten gëtt
starken Drock ausgeübt. Wien sëch nët an d'HJ mëllt flitt vun der
Schoul. A vill Studenten ginn dem Drock nët no; losse sëch aus de
Kollech a Industrieschoul erausgeheien, gi bei de Bauer schaffen
a méngen esou aus dem Verké'er ze sin.

Den 23. te Mee 41 kënnt dunn Veruerdnung iwert den obligatoréschen
RAD. Fir d'ëscht musse sëch déi ageruffe Joergäng op hirer zou-
ständeger Geméng mëllen. Dono kum de Musterungsbefehl. Vunn elo u
flüchte schon vill Jugendlech an d'Frankreich fir esou nët agezun
ze ginn.

Losse mer hei och emol kucken wei ët an der Welt ausgesinn huet.

Den 4. Juni 1941 organiséiert den Tito de bewaffneten Opstand a
Montenegro géngt déi preisesch Besatzungsmacht a Jugoslawien. Et
ass den Ufank vum Tito séngem Partisanekrich dén den preiseschen
Oberkommando vill Kappbrieche gemât huet a wou jo och Lëtzebuerg
Jongen am RAD an an der Ausbildung agesât, & verwond gouwen an och
gefall sin.

Den 22. ten Juni 1941 start den Hitler sein Iwerraschungsugrëff
op Russland. Mat 3 Milliounen Zaldoten op énger Bréd vun 1.400
km iwerfällt ^{hin} d'UDSSR.

Rumänien an och Italien erklären Russland de Krich.

Den 26. Juni trëtt och Finnland an de Krich mat Russland an erhofft
esou séng a Russland ofgetruede Gebidder erëm zekréen.

Schon den 16. te Juli dat selwescht Joer stinn déi deitsch Truppen
zu Smolensk. Eng Uertschaft déi och vill lëtzebuenger Zwangsrekru-
téiert kënne léieren. Awer dunn um Réckzuch mat der Wehrmacht.

3

E Mount dono stinn déi deitsch Truppen um Schwarze Mier. Den 27.ten August gëtt den DNIEPR iwerquert. Ech war derbei wéi dat wat nach Rëscht war vun den deitschen Russland-Truppen Enn 1943 erëm zeréck iwert den DNIEPR geflücht sin.

Den 8.ten September steekt d'Wehrmacht an de Vieruerten vun Lénin-grad an den 19.ten September fällt Kiew. 665.000 russesch Zaldoten ginn ouni Verpflegung a Liewensmëttelen a Gefangenschaft gehalen.

Odessa fällt den 16ten Oktober 1941.

An dunn endlech éng gudd Meldung fir lëtzebuenger Oeren: den 25ten Oktober 1941 stoppen endlech d'Russen virun Moskau de Virmarsch vun der Wehrmacht an den 3ten November start d'russesch Arméi d'Gegenoffensiv fir Sébastopol ze verdedegen.

Den 5ten Dëzember 1941 fängtdéi gudd geplangten russesch Offensiv un der "Kalinenfront" un. Héimadde war entgütlech dem Hitler séi Blitzkriech "Barbarossa" um Énn. Zenter Ufank August haten d'Amérikaner an d'Engländer de Russen massech a wichteg Krichsmatérial geliwert.

Awer nach e wichtige Datum an dësem Krichsgeschéhen-Komplex ass de 7ten Dëzember 1941. Dësen Dâg gëtt d'amerikanesch Pazifikflott zu Pearl Harbour iwerraschend vun Japaneschen Flieger ugegraff 19 schwéier Schëffer doerënner 5 Schluechtschëffer an um Buedem 188 Flieger gin zerstéiert. De Mënscheverloscht ass énorm.

Elo den 11ten Dëzember erklären Deitschland an Italien och Amérika de Kriech.

No longer kuerger Musch komme mir erëm zeréck op Lëtzebuerg

Den 10ten Oktober 1941 wëllt de Gauleiter d'Lëtzebuenger eraléen. Ennert énger esougetarnten "Personenstandsaufnahme" soll op dréi gestallte Froen mat deitsch geäntwert gin. An zwar op "Staatsangehörigkeit" - "Volkstum" a "Muttersprache". Awer d'Lëtzebuenger hate schnell d'Fäl erkannt an zu 90 % gouw 3 x matt lëtzebuerg geäntwert. Esoubal d'Nazibonzen dëst erkannt hätten a fir sëch éng offiziell Blamage ze erspueren gouw kuerzerhand d'Aktioun ofgeblosen.

Dëst war e groussen Erfolleg vir d'Lëtzebuenger géngt den Okkupant.

Wé' och ganz hach de Gauleiter den 23. Mee 1941 dem obligatorischen Reichsarbeitsdienst, offiziell RAD, referiert.

No dieser Verurteilung hu sich déi viséiert Joergang an hin ferweiter Fernung müllen. Sono kint da jidderéin e Musterungsbefehl heem gereicht

a mir Diddelénger hu müssen op Esch an d'Musterung.

Déi Éischt vum Joergang 1920 waren fir den 15ten Juli gerufft. Bis den 29ten Juli sollt ganz Musterung vun dësem Joergang ferdeg sin. Musterung war am âle Stadhaus, haut de Centre Mercure. gin

Laut Begleitschreiwem vum Musterungsbefehl sollt jidderéén mat kurz geschniddehem Hoer sèch präsentéieren. Natirlech huet keen dru geduecht fir dem Folleg ze léschten.

Och wann et mit Jidderéngem ganz unel war, hu mir dat feuzt awer mit esou seriös gefoll, wéi déi graduéiert Preisen vum RAD, dat bei sech am Reich eit gewind waren. U Witzer an un démen bekannten Lëtzebuerger Ausdréck a Méinungen huet eh net geféllt.

Beim Tokker ass och ze seen keen duerebgefaal an all ware mir gud fir agezunn ze gin.

Nëmmen Jongen déi du schon an der Gallerie oder bestëmmte Plazen ^{am} der Schmelz geschafft hun gowen zeréckgesat. Fir d'Studenten gow keng Ausnahm gemat a wien op d'Uni wollt goen hat missen virdrunn séng Arbeitsdienstzeit ofgeléscht hun.

D'Meedercher vum Joergang 1920 gowen an der Zeit vum 25ten August bis den 3ten September 1941 gemustert. Wéll éng bestuete Fra nèt agezu gow, sin verschidden Hochzeiten virverluecht gin, an esou war d'Meedchen virum RAD gerétt.

Den 20. ten November 1941 fänken d'Musterungen fir de Joergang 1921 un. Am Abréll 1942 mussen d'Joergäng 1923 an 1924 sèch fir d'Musterung am Stadhaus mëllen ~~an~~.

D'Musterungen sin mit éim mer esou verlaf wéi d'Preisen dat gewinnt waren. Mit selten huet Polizei der missen vum doheem ofhuelen an an d'Musterung féieren.

Déi Eischt ¹⁹⁴¹ Stellungsbehele fir de Joergank 1920 gin den 29. ten September eraus, an Ufanks Oktober gin se a verschiddenen Etappen agezunn. ~~an~~

An ^{eiser} nächster Emissioun schwätze mir ~~ebessen~~ wéi et am RAD war.

D'Afféierung vum obligatoreschem ^{RAD} ~~Rechtsdinstrecht~~ ^{RAD} →

war e kloert Vergoem géngt international Gesetze a gow nom Krich um Tribunal zu Nürnberg als Krichsverbrieche kondamnéert. v